

De Mouvement Ecologique asbl sich fir direkt eng / een

CHARGE(E) DE DIRECTION

(32-40 St. CDI)

Mir stellen eng Persoun (m,w,d) an, déi dem Mouvement Ecologique säi gesellschaftspoliteschen Engagement deelt a bereet ass, laangfristeg eng Responsabilitéit an der Alldagsorganisatioun ze iwwerhuelen.

Är Missioun:

- Gerance vum Mouvement Ecologique am organisatoreschen, administrativen a finanzielle Beräich
- Zesummenaarbecht mam Verwaltungsrot, politeschen an institutionellen Acteuren an de Medien
- Begleedung vum Team vun haaptamtliche Mataarbechter:innen
- Lien mat de Memberen a Benevollen
- Aktiv Bedeelegung un der Entwécklung vum Mouvement Ecologique
- Entwéckelen a Begleede vun ëmwelt- a gesellschaftspoliteschen Theme fir eng nohalteg Transitioun
- Aktiv Bedeelegung an Duerchféiere vu Member- a Spendenaktiounen

Äre Profil a Kompetenzen:

- Bachelor- oder Master-Ofschloss am ekologeschen oder gesellschaftspoliteschem Beräich
- Erfarungen an de genannten Aarbechtsgebiddern si Viraussetzung
- Interessé un Zesummenaarbecht mat éierenamtlech engagéierten a wäertschätzenden Ëmgang mat Leit
- Dynamesch, kommunikatiounsfäeg esouwuel autonom, wéi och am Team ze schaffen
- Gewësse Flexibilitéit a punkto Aarbechtszäiten
- Sproochen (D/EN/F/L): fléissend geschwat / ganz gutt Fäegkeeten an der Redaktioun vun Texter (D/F/ EN vu Virdeel)

Wat mir bidden:

Mir bidden eng sënnvoll, interessant an ofwiesslungsräich Aarbecht fir eng liewenswäert Zukunft zesumme mat enger Ekipp vun héichmotivéierten Haaptamtliche an Benevollen, déi an enger kollegialer Atmosphär zesummeschaffen.

Schéckt Är Kandidatur mat CV a Motivatiounsbrëf bis de 26/10/2026 un

Mouvement Ecologique asbl

6, rue Vauban,

L-2663 Luxembourg

oder per E-mail un: meco@oeko.lu / Tel.: 43 90 30 - 1



**mouvement
écologique**